Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

# Ouni Gott heescht net ouni Wäerter!

**Carte Blanche vum Laurent Schley op RTL-Radio**

24.11.2014

*D'lescht Woch hu sech 8 Reliounsgemeinschaften zesummegeschloss, fir sech dofir anzesetzen, dass si all an de Schoule kënne Reliounscoursen ofhalen. Duerch déi gemeinsam Aktioun weisen se, dass se net-reliéis Mënsche fir mannerwäerteg halen, mengt den Dr. Laurent Schley, President vun AHA Lëtzebuerg, a senger Carte blanche vun haut mam Titel: Ouni Gott heescht net ouni Wäerter!*

D'Protagoniste vun deem krampfhafte Kampf, fir um Reliounsunterrecht an der ëffentlecher Schoul festzehalen, soen einfach, dass et ouni "Glawen un ee Gott" keng Ethik kéint ginn, an dass di Wäerter, di an engem gemeinsamen Ethikunterrecht vermëttelt solle ginn, net gutt wieren.

Relioune behaapte vu sech, di eenzeg ze sinn, di Wäerter kënne vermëttelen. Mä hunn d'Relioune sech net, op Grond vun hirer Vergaangenheet an hirem generellen Ëmgang mat Wäerter, scho laang disqualifizéiert, wann et ëm Wäertevermëttlung geet? Ee Beispill: De Katholiken hiert Basislager, de Vatikan, ass niewent Wäissrussland deen eenzege Staat an Europa, deen d'Mënscherechtskonventioun vu 1950 net ratifizéiert huet, di jo awer d'Basis ass vu ville sënnvolle Wäerter, di mir Mënschen eis selwer ginn hunn.

Wat ass dorunner ethesch, wann ee Mënsch eppes Guddes just mécht, well en sech eng "Belounung am Paradies" dofir erwaart, respektiv wann en eppes Schlechtes nëmmen net mécht, well en eng "Bestrofung an der Hell" fäert? Vun der Net-Existenz vu Paradies an Hell mol ofgesinn: Ass et net méi sënnvoll, als Mënsch vu sech aus ze erkennen, wisou et gutt a richteg ass, ethesch ze handelen?

Divers wëssenschaftlech Fuerschungen hu gewisen, dass Mënsche queesch iwwer de Globus vun Natur aus ee Sënn fir Ethik hunn. Och ouni un ee Gott ze gleewen! Mir Mënsche sinn "sozial Déieren", déi Empathie verspieren, di gäre fair behandelt ginn a solidaresch mat aneren handele wëllen. Natierlech wier et awer naiv ze denken, dass all d'Mënschen automatesch ëmmer frëndlech a léif wären. De Mënsch huet och déi natierlech Tendenz a sech, fir no sengen eegenen, ganz egoisteschen Interessen ze kucken: déi vu senger Famill oder vu soss Gruppen, zu deenen e sech verbonne fillt. Dës Tendenz hu Reliounen, an awer och verschidde politesch Ideologien, sech zu Notze gemaach, fir aner Mënschen auszegrenzen.

Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

Den Humanismus ass eppes Wäertvolles, well e probéiert, iwwer Differenze wech ze verbannen. Dës Weltanschauung erkläert eis net nëmmen, wisou mir ethesch denken an handele kënnen, mä si hëlleft eis och ze definéieren, wéi eng Wäerter nëtzlech sinn, fir - zesumme mat alle Mënschen - méiglechst glécklech ze liewen. Wäerter wéi Fräiheet, Meenungsfräiheet, Wuelstand an Demokratie si kulturell gewuess. Vill aner Wäerter wéi Matleed, Frëndschaft, Solidaritéit, Gerechtegkeet an Toleranz sinn evolutiounsbiologesch gewuesse mënschlech Wäerter, di et gouf laang ier d'Reliounen ugefaangen hunn, se fir sech ze beusprochen, jo laang ier d'Reliounen iwwerhaapt erfonnt waren. All déi Wäerter begrënne sech also net an enger Relioun, mä an eisem Mënschsinn. Dat hu mir all gemeinsam. Humanismus verbënnt eis Mënschen all, onofhängeg vun allen Differenzen - an och onofhängeg vun allen imaginäre Gottheeten.

Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l. (AHA), www.aha.lu
Member *Alliance for a Secular Europe*
Member *European Humanist Federation*
Member *International Humanist and Ethical Union*

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu